Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Op der Kräizung zu Räichel bei Réiden, wou sech déi dräi Nationalstroossen N12, N22 an N23 begéinen, kënnt et ëmmer nees zu geféierleche Situatiounen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Ass schonn driwwer nogeduecht gi fir op dëser Plaz e Giratoire z'amenagéieren? Wa jo, ass sou ee Projet schonn an der Maach?*
- *Kann den Här Minister matdeele wéi vill Gefierer all Dag op dëser Plaz laanscht fueren? Wéi huet sech hir Zuel an de leschte Joren entwéckelt?*
- *Wou ass de Projet vun enger Vëlospist tëscht Réiden a Räichel, déi laanscht dës Plaz verlafe soll, de Moment drun? Goufen do mëttlerweil Emprisë gemaach?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten